

# Eng Schoulklass

# ENG SCHOLKLASS

Bühn : En Scholsall mat Döscher a Still, Pult, Tafel usw.

Personen : Joffer, Nicole, Georgette, Denise, Annette, Claudine, Jeannette, Josiane, Henriette, Jeanne, Petra

LETZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

A6-32

Schüler kommen eran, mat vill Komedie, an huelen Platz. Si hun Bicher bei sech.

Joffer : ( kennt eran ) Roig elo

Nicole : ( kennt ze spét ) Bonjour Joffer, dir must mech entschölliger meng mamm hat sech verschlof

Joffer : dass gudd mei Kand, komm setz dech

Georgette : ( klappt un der Dir a könnt eran ) Bonjour Joffer, entschölligt mech, meng mamm hat sech verschlof

Joffer : Dass gudd huel der Platz

Annette : ( kennt ausser Otem eran gestirmt ) entschölligt, entschöllig Madame Joffer

Joffer : Jo, jo, ech wéss deng Mamm hat sech verschlof

Annette : Nén Joffer

Joffer : O la, la a wat dan

Annette : ma mei Papp huet den Auto net ukritt

Joffer : ( ganz licht opgeregt ) da setz dech dass mir virunkommen Roig elo fänke mir un.
Dir kennt e beschen Rücksicht op er krank Joffer huelen ech hun nämlich ganz vill Kappwé.

Jeannette : Därf ech iech e puer Tabletten gént Kappwé gin Joffer. Dir kritt sie och ganz bölleg.

Josiane : Kaft diem neischt of Joffer dat huet schon Geld genug.

Joffer : Gét elo duer , elo well ech neicht mé héeren, verstanen? Dir dreift mech nach op den Bam mat erem Blödsinn. Ech verzweifele nach mat iech.

Henriette : Wann dir verzwéifelt, Joffer, huelt dir iech och dann Liewen. Dat ass dach ganz modern.

Joffer : Oh. gottogott.
Roig mat denen dommen Bemierkungen. Schlot emol er Hefter op.

Claudine : Dat hu mir schon die ganzen Zeit.

Joffer : Mir fueren elo do weider do wo mir opgehalen hun.

Jeanne. Wévill ass 15x5.
Claudine. Weis du et.
Ma viwatt sot dir dann neischt mé.

Jeanne : Well dir jo selver gesott hutt. Ké Wuert mé.

Joffer : Wesst dir wat dir sitt. Domm a frech Kanner. Ech gesinn, ech muss ganz aner Seiten matt iech opziehen.

Petra : E schenen gudden Moyen, Madame Joffer ( kennt ze speit )

Joffer : Firwat kens du erem eso speit, Petra.

Petra : Do kann ech net derfir, Joffer, well eschtens hat ech starken Gegenwand.....

Joffer : elo hängs der mer awer eng op, do bausen ass iwerhapt keng Loft

Petra : Nuh, jo.. we der wällt an drettens hat en Här dobaussen op der Stross 100 FR verluer, an d'Leit hun allegueren Gehollef sich

Joffer : aha ech verstin du hues also och gehollef sichen, du bass och e bravt Mädchen.

Petra : nén Joffer, gehollef hun ech nit, mé ech hun gewart biss dass Leit all fort waren.

Joffer : Firwat dann dat?

Petra : Well ech um Honnert Frangschein stung, verstider?

Joffer : ma Petra du bass en richtigen Déf, dat Geld geht direkt eraus.

Petra : Dat geht awer nit, Joffer, well ech hun dat Geld engem arem Mann op der Stross gin, den emmer esou gejaut huet.

Joffer :Ganz richtig hues du dat jo nitt gemag, me emmerhin schengs du awer e gudd Härz ze hun. Wat huet de Mann dann geruff.

Petra : Nationalloterie, Nationalloterie ........

Joffer : O Petra elo hues du mech enttäuscht. An op dech hat ech all meng Hoffnungen gesat.

Petra : Dat derft dir nitt soen joffer, soss mengen de aner ech wär eren Fiffi.

Joffer : Och Blödsinn .... Si mir dann elo eso weit dass mir können ufänken.

Josiane : Hut dir iech dann nitt besser zeschonen, mat erem Kappwé

Joffer : Mein Kappwé gét dech glatt néischt un, verstés du.

Henriette: Ma dir hut dach selver gesot, mir sollen Rücksicht op eren Kappwé huelen.

Jeanne : An do sollen mir aner nach wessen wat mir mache sollen.

Joffer : Da losse mir elo Vorsilben am Deitschen huelen. Mir wessen dass all déi Wierder déi matt "un" ugin, emmer eppes Schlemmes oder Beses bedeit. Wéi Unglück, Unheil usw. Henriette dass un d dir fir mir eppes zesoen.

Henriette :Unterricht.

Joffer : ech well dat nit gehéirt hun... Henriette

Henriette: Elo huet sie sech nés mat mir.

Joffer : Kanns du mir soen wou Bordeaux a Südfrankrech leit.

Henriette: ( ass roig )

Josiane : Joffer ech wéss et.

Joffer : Josiane

Josiane : Bei eis dohem am Keller leien wenigstens 20 Fleschen, soll ech iech eng matbrengen.

Jeanne : dat ass gudd gent ere Kappwé.

Joffer : Huelt er Grammatik emol, elo get konjugiert.
Ich bin.. du bist.. wir sind... ihr seid.. un dir Denise.

Denise : Dir braucht mech awer net ze dirzen, Joffer.

Joffer : Dir könnt emol net richtig konjugéeren.

Claudine : mat eso pikante Sachen wölle mir neischt ze din hun, Joffer.

Joffer : Dir brengt mech nach em den Verstand oder an Graf.
a do wir ech over virwetzig, wat gif dir mir op mein Grafstein schreiwen,
(d'Denise streckt aus) ja Denise

Denise : Joffer, ech hun mein Gummi verluer, duerf ech hien erem sichen

Joffer : Jo, Denise, mein Kand
also we ass et dann mat dem schéenen Satz

Denise : Joffer, Joffer,,,,,

Joffer : Ja Denise

Denise : hei leit de Knaschtert
( Joffer hiewt Hänn an lucht a rennt zur dir eraus )

RIDEAU